Centre Hospitalier Emile Mayrisch

# Broschtzenter kritt zwee nei Mammographie-Apparater

RTL | Update: 30.04.2024 16:07



© CHEM

**Esou de CHEM an engem Communiqué. Déi nei Apparater sinn Deel vun enger Initiativ vun der FHL, fir d'Mammographie-Ekipement am Land z'erneieren.**

D'Apparater si capabel Tomosyntheesen duerchzeféieren, woumat zu Lëtzebuerg entscheedende Progrès an der Fréi-Erkennung vu Broschtkriibs soll gemaach ginn, heescht et weider am Communiqué.

Den CHEM encouragéiert an deem Kontext och nach eemol Fraen am Alter tëschent 50 a 70 Joer, déi bei der CNS gemellt a Lëtzebuerger Residente sinn, all zwee Joer eng Mammographie duerchféieren ze loossen.